Forum Z, 17.06.2017 am Lëtzebuerger Literaturarchiv.

# Begréissung: Claude D. Conter

*Wann dës Maueren erziele kéinten*, ass eng Formuléierung, mat där geschwaten oder geschriwwen Erzielungen ufänken, an et ass eng rhetoresch Formuléierung, déi genau esou gängeg ass wéi déi vun de Märercher, wann et heescht *Et wor eemol*. Narratiounen sinn eben rhetoresch geformt. An haut wëll ech an onsem Kader gären esou ufänken: *Wann dës Maueren erziele kéinten*, da géifen se vu Mënschen erzielen an och vun der politescher a wirtschaftlecher Geschicht vu Lëtzebuerg, well mir sinn elei am Haus vun der Famille Servais, an där de spéidere Staatsminister, Buergermeeschter vu Lëtzebuerg, Member vum Conseil d'Etat asw. gebuere gouf. Et ass en Haus, wou am 1. Weltkrich Zaldote gefleegt goufen, en Haus, wou am 2. Weltkrich d'Famille Davidson Zouflucht fonnt huet; et ass haut en Haus, wou sech haut munch Leit ronderëm Literatur kenneléieren. Déi Geschicht vum Haus ass ëmmer nees erzielt ginn, ma op eng besonnesch Aart a Weis vun der Schrëftstellerin Margret Servais, déi am historesche Roman *Servais* d'Geschicht aus iwwer 200 Joer erzielt. Dat ass Storytelling am typographesche Medium, dat nom Friedrich Kittler an der Gutenberg-Galaxis, vum 15. Joerhonnert bis Enn vun 19. Joerhonnert dee Leitmedium schlechthin wor. De Friedrich Kittler huet vergiess, datt d'Buch bis haut en zentrale Medium bliwwen ass, ma et ass och richteg, datt sech d'Medie verännert hunn. A sengem Buch *Grammophon Film Typewriter* huet de Friedrich Kittler de Medieverbund op Digitalbasis, also de Computer, als Nofolger vu Buch, Radio, Fernseh an der Zäit vun der Mc Luhan-Galaxis gesinn. Elo si mir an der Turing-Galaxis vun der Digitaliséierung mat anere Méiglechkeeten. Ob sech mat hinnen och de Storytelling verännert huet, dat wëlle mir haut klären.

Ech si frou, datt de Luxembourg Centre for contemporary and digital history am Kader vu senger Rei *Forum Z* och an de CNL kënnt, well Zukunft vun der Geschichtserzielung ass eng verbonne mat der Zukunft vun de Geschichtenerzielunge – an do si mir gewëssermoosse Spezialisten. Ech freeë mech op e produktiven Austausch a virun allem si mir als Archiv a Fuerschungsinstitut och

gespaant, wéi eng nei Méiglechkeeten vum Storytelling et ginn, well mir jo och an onsen Ausstellungen, an onse Bicher an och iwwer digital Outilen ëmmer nees eng literaresch Geschichterzielung ubidden.

Ech ginn d'Wuert dem Initiateur vun dësem Dag, dem Prof. Andreas Fickers.